Den Iwwergank an déi nächst Branche

Den Iwwergank vun enger Branche an déi aner as e flott a wichtegt Evenement am Liewe vun all Guide a Scout. D'Kand oder de Jugendlechen huet den Alter an och d'Fähegkeet erreecht fir eng nei Etapp unzefänken. Déi Aktivitéit, bei deër hien oder hatt offiziell an déi nächst Branche wiesselt, nenne mer "Montée".

Leider gin dacks beim oder kuerz nom Iwwergank eng Parti Jongen a Medercher "verluer". Méiglech Uursaachen heifir sin de Wiessel an eng aner Schoul (Primaire -> Secondaire), nei Kolleginnen a Kollegen, nei Hobbyen, aner Veräiner. Et as awer nët ëmmer den Intressi um Scoutissem/Guidissem, deen ofhëlt, mee dacks fillen déi Nei sech an däer neier Branche nët wuel, oder si goufen duerch e Geste, en haart Wuert, eng onglécklech verlafen Aktivitéit decouragéiert. Et as also ganz wichteg, datt de Grupperot analyséiert, firwat Memberen op emol ewech bleiwen.

1. Den Iwwergank an eng aner Branche muss gutt virbereet gin.

1.1. De Kontakt tëscht de Branchen as wichteg. Eng gemeinsam Aktivitéit vum ganze Grupp virun der Montée erliichtert d'Kenneléiere vun den neie Frënn, a weist virun allem dene méi Jonken, wat an der Branche uewendriwwer gebueden a gemaach gët.

1.2. D'Kandidat/inne solle schon an de Méint virdrun op hir nei Branche virbereet gin. Sou kann z.B. um AvEx-Camp een Dag ageplangt gin, wou déi Wëllefcher, déi d'Montée maachen, op Besuch kommen an um Campliewen deelhuelen.

1.3. Déi nei Branche soll Freed a Spaass bréngen, an den Iwwergank soll nët mat Angscht verbonne sin. Dofir sollen d'Chef/tainen a Präsenz vun de Jongen a Medercher ni offälleg (an iwwerflësseg) Bemierkungen iwwert eng aner Branche oder ee vun hire Chef/tainë maachen.

1.4. Déi nei Chef/tainë weise sech an der Branche "ënnendrun", fir datt d'Kandidat/inne si schon am Virfeld kenne léieren, an och ëmgedréint. E CaraPio-Chef kann z.B. um AvEx-Summercamp an enger Veillée derbäi sin a bei deër Geleënheet e puer Wuert mat de Kandidat/inne schwätzen.

1.5. An däer Branche, wou Neier eropkommen, bereden d'Chef/tainen hir Guiden a Scouten op dëst Evenemnet vir, a si versichen hinnen ze verstoen ze gin, wéi een sech als Neie spiirt.

1.6. D'Kandidat/innen, déi d'Branche wiesselen, kënne virdrun och emol eng extra Aktivitéit maachen, déi si méi fuerdert wéi dat, wat mat der ganzer Unitéit méiglech as.

1.7. Bei nationalen Aktivitéite kann déi Branche "driwwer" sech virstellen. Sou kéint z.B. op engem Wëllefcher-Rally ee Poste sin, wou d'Wëllefcher eppes iwwer d'AvEx-Liewe gewuer gin.

2. Och wann d'Virberedung vun der Montée immens wichteg as, sou kënnt et nach méi drop un, wéi deen Neien opgeholl gët.

2.1. D'Truppeliewe soll nët als eng definitiv Saach ugebuede gin, mee als e Modell do stoen, dien e ganze Koup Froen a gutt Virschléi zouléisst. Den Neien huet Wënsch a Virstellungen, no denen ee soll kucke beim Plangen an Organiséiere vun enger Aktivitéit. Hie brauch am Ufank eng gutt Betreiung an eng grouss Opmierksamkeet.

2.2. Den Neie muss sech a séngem neien Ëmfeld wuelfillen an integréiere kënnen. Nët ëmmer muss hien sech un déi "Al" upassen, mee et geet och emol ëmgekéiert.

2.3. A sénger fréierer Branche war hie ganz uewen. Hien hat eng gewëss Verantwortung, war vläicht Sixer, Patrullechef oder Equipechef. A sénger neier Branche soll hien och vun Ufank u kleng Aufgabe mat Responsabilitéit iwwerhuelen. Et as nët schlecht wann hien nach eng Zäit laang séng al Ofzeechen op der Uniform droen däerf fir mat engem legitime Stolz ze weisen, wat hie virdrun alles erreecht hat.

2.4. Hie kritt säin Deel Verantwortung bei enger Expeditioun, Entreprise oder Projet, ouni awer dobäi eleng gelooss ze gin. Et as wichteg, datt déi éischt Charge a sénger neier Branche eng positiv Erfarung gët.

2.5. D'Chef/tainë léieren den Neie kennen, observéiere säi Behuelen, entdecke séng Fähegkeeten, Intressen a Suergen, fanne séng Wënsch an Dreem eraus. Eng Eltereversammlung kuerz no der Montée, mat eventuell enger Diaprojektioun oder engem Videofilm vum leschte Camp, as eng glécklech Alternativ fir Kontakt ze kréien an d'Cheféquipe virzestellen. D'Eltere kënne bei der selwechter Geleënheet eng Lëscht mat den Nimm, Adressen an Telefonsnummere vun de Chef/tainë kréien.

2.6. Den Neie muss d'Vertrauen a sech selwer behalen an d'Aarbechtsweis vun der neier Branche verstoe fir sech séier an zefridden z'integréieren. Dat Ganzt as ee Grupp, an déi Nei sou wéi déi "Al" kommen um selwechten Niveau kesumme fir ze soen: "Hei sin ech ..., Hei bass du ..., Hei si mir...!"

3. D'Montée as eng flott Aktivitéit, en Héichpunkt a gläichzäiteg en neien Ufank

3.1. D'Montée as keen Examen, wou ee beweise muss, wat ee kann, wat een alles geléiert huet, mee eng Etapp vum perséinleche Fortschrëtt, déi souwuel Ofschloss wéi och Ufank bedeit. Den Neie soll aus fräiem Wëlle weider kommen an nët an eng nei Roll gezwonge gin, déi him näischt seet.

3.2. Beim Organiséiere vun der Montée passe mer op, datt keng Angscht bei de Kandidaten opkënnt, ausserdem verzichten mir op all Forme vun Aktivitéiten déi Kanner/Jugendlech ernidregen resp. géint Werter vum Guidissem/Scoutissem verstoussen.Mir wëllen dass Kanner/ Jugendlech mat Freed an Iwwerzegung an déi nei Branche gin. Den Neie soll spiren, datt en nei Kollege kritt, déi hien esou wéi hien as op- an unhuelen, an datt hien op si ziele kann.

3.3. D'Form vun der Montée gët de Fähegkeete vun de jeweilege Kandidaten ugepasst. Bei méi Kandidate vun der selwechter Branche baue mer d'Montée sou op, datt och déi méi Schwaach se mat Begeeschterung a Stolz meeschteren. Dofir as et ebe wichteg, datt d'Chef/tainen hir nei Guiden a Scouten am Virfeld kenne geléiert hun.

3.4. Den Neie ka bei der Montée en Zeeche vu sénger Opnam kréien, z.B. e klenge Souvenir, dien um leschte Camp speziell an engem Atelier fir déi Nei gemaach gin as, oder en Exemplar vun der Branchenzeitung. Heiduerch spiirt den Neien, datt hien a sénger neier Unitéit wëllkëmm as, an datt d'Ophuelen nët eréischt mat der Montée ugefaangen huet.

3.5. No der Montée as eng éischt Versammlung, wou jiddereen sech virstelle kann, mat séngen Hobbyen a sénge Wënsch. Eventuell kënne CaraPio a RaRo dobäi och déi Grënn opzielen, déi si zum Scoutissem/Guidissem motivéiert hun. Heifir bidden sech allerlee Expressiounstechniken un, z.B. Diaën, Collage, Interview ...